ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden.

Mat dem haitegen Akraafttriede vum Europäesche Gas-Noutfallplang sinn d'EU-Memberstaaten opgefuerdert, hire Gasverbrauch bis Mäerz 2023 ëm 15 Prozent (am Verglach zu de leschte 5 Joer am gläichen Zäitraum) ze reduzéieren. Fir de Fall, dass déi vun der EU fixéiert Ziler net erreecht géife ginn, kann d'EU – mat der Zoustëmmung vun op d'mannst 15 Memberstaaten, déi zesummen op d'mannst 65% vun der EU-Bevëlkerung ausmaachen – weider Mossnamen decidéieren, déi da fir all d'EU-Memberstaate verbindlech wäerte sinn.

An deem Kontext hu mir folgend Froen un den Här Minister:

1) Kann den Här Minister preziséieren, wéi eng energiepolitesch Contrainten op Lëtzebuerg zoukéimen, wann d'EU verbindlech Spuerziler festleeë géif?
2) Besteet an deem Zesummenhank d'Gefor, datt een allgemengen Energiepass zu Lëtzebuerg agefouert gëtt, bzw. d'Reglementatioun am Zesummenhank mam bestoenden Energiepass verschäerft gëtt?
3) Kann den Här Minister erklären, ob et am Fall vun enger verbindlecher EU-Veuerdnung zu enger Rationéierung vu Gas, Bensin, Diesel, Mazout an aneren Energiequelle fir Firmen a Privatleit kéint kommen? Wéi géing esou eng Rationéierung funktionéieren a kontrolléiert ginn?
4) Ass am Fall vun enger verbindlecher EU-Veuerdnung ugeduecht, fir déi Smart-Meteren, déi vill Leit elo doheem hunn, zum Zweck vun enger Rationéierung vum Energiekonsum oder der Kontroll vum private Konsumverhalen anzesetzen? Wéi wär dat mam Dateschutz kompatibel?

Mat déiwem Respekt,

Keup, Deputéierten

Fernand Kartheiser, Deputéierten